N°3892
Entrée le 09.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Beruffsorientéierung fir Secondairesschüler spillen Transparenz an Zougänglechkeet vun Informatiounen zu beruffleche Ausbildungen an de betreffenden Unterrechtssproochen eng wichteg Roll. Aktuell existéieren zwar offiziell Dokumenter wéi d'*Beruffslëscht* vum Service d'orientation professionnelle (ADEM) oder d'MENJE-Broschür *Offre scolaire*, déi eng Iwwersiicht iwwer déi ugebuede Beruffsausbildungen zu Lëtzebuerg vermëttelen. Zudeem gëtt et eng „Annexe A – Liste des métiers et formations" am Journal Officiel.

Allerdéngs gëtt et keen ëffentlech zougänglecht Dokument, dat <u>an enger eenzeger Tabell:</u>

a) souwuel all d'Beruffsausbildungen (z. B. Coiffer, Mechatroniker asw.), déi hei am Land an ëffentleche Secondairesschoulen ugebuede ginn,
b) opgeschlësselt no den eenzelne Schoulen, déi dës Ausbildunge jeeweils ubidden,
c) wéi och déi jeeweileg Unterrechtssproochen (DE/FR/LU/EN) oplëscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär follgend Fro stellen:

1. Kann den Här Minister eis esou en Dokument zoukomme loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten